ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

De Corona-Noutstand huet de Post-Zerwiss wéi vill aner Betriber an Déngschtleeschtunge ferm duerchernee bruecht. Esou waren am Confinement vill Postbüroen net méi zu de gewinnte Stonnen op. Duerfir dës zwou Froen un den zoustännege Minister:

1. Wéini ass mat enger Normalisatioun vum Betrib vun de Postbüroen ze rechnen ?
2. Kann den Här Minister confirméieren, datt déi Büroen nees zu de gewinnte Stonne wäerte funktionéieren, an datt net no Corona nei Ëffnungszäite gëlle wéi virdrun?
3. Huet d'Regierung wëlles, d'Zuel vun de Postbüuroe wieder ze reduzéieren an, wa jo, wéi eng Büroe gi wéini zougemaach?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742